



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro  
n°1047 vum 22. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierten, Sven CLEMENT**

**Ad 1**

D'Regierung huet keng spezifesch Statistiken iwver d'Unzuel vun endgültege geriichtlechen  
Entscheidungen betreffend d'Residenz vu mannerjärege Kanner no der Scheedung, déi zënter dem  
Akraafttriede vum Gesetz vum 27. Juni 2018 geholl goufen.

**Ad 2**

Et ass just an Ausnahmefäll, datt ee vun den Elterendeeler d'Besuchsrecht entzu kritt. Esou hu laut den  
Zuele vun de Justizautoritéiten zënter 2018 16 Mammen an 39 Papp d'Besuchsrecht entzu kritt.

**Ad 3 :**

Wat d'Verletzung vum Besuchsrecht (non-représentation d'enfants) ugeet:

**Affaires nouvelles<sup>1</sup>**

	2019	2020	2021	2022	2023	2019- 2023
<b>PARQUET DE LUXEMBOURG</b>	264	315	239	227	184	<b>1229</b>
<b>PARQUET DE DIEKIRCH</b>	57	43	15	19	14	<b>148</b>
<b>Total</b>	<b>321</b>	<b>358</b>	<b>254</b>	<b>246</b>	<b>198</b>	<b>1377</b>

**Inscriptions au casier judiciaire<sup>2</sup>**

	2019	2020	2021	2022	2023	2019-2023
<b>Nb. condamnations</b>	2	2	3	1	1	<b>9</b>

**Affaires classées *ad acta*<sup>3</sup>**

	2019	2020	2021	2022	2023	2019-2023
<b>PARQUET DE LUXEMBOURG</b>	188	227	227	189	169	<b>1000</b>
<b>PARQUET DE DIEKIRCH</b>	69	35	29	32	13	<b>178</b>
<b>Total</b>	<b>257</b>	<b>262</b>	<b>256</b>	<b>221</b>	<b>182</b>	<b>1178<sup>4</sup></b>

<sup>1</sup> Par date de prise en charge de l'affaire.

<sup>2</sup> Par date de décision coulée en force de chose jugée.

<sup>3</sup> Par date de l'évènement Ad Acta.

<sup>4</sup> Dat betrëfft net onbedéngt nëmmen déi 1377 Affaires nouvelles vun 2019-2023. Ee Beispill: Eng Affaire nouvelle  
vun 2018 gouf 2019 ad acta geluecht, déi ass an dëser Statistik mat dran.

## Avertissements<sup>5</sup>

	2019	2020	2021	2022	2023	2019-2023
<b>PARQUET DE LUXEMBOURG</b>	3	7	9	5	4	<b>28</b>
<b>PARQUET DE DIEKIRCH</b>	4	3	0	0	1	<b>8</b>
<b>Total</b>	<b>7</b>	<b>10</b>	<b>9</b>	<b>5</b>	<b>5</b>	<b>36</b>

D'Statistike vun den « *Affaires nouvelles* » bezéie sech op d'Plainten, mee och op Meldunge vun Institutiounen a Signalementen, déi gemaach goufen. Par contre gëtt et keng Opschlësselung par rapport zu deenen dräi Elementer.

Et ass ze notéieren, datt déi meescht Plainte wéinst der Verletzung vum Besuchsrecht an den éischte Méint vun der Trennung vun den Elteren deposéiert ginn, d.h. an enger Phase an där d'Elteren oft nach a Konflikt sinn a Schwieregkeeten hu sech mat der Trennung an de Konsequenzen dovunner ofzefannen.

Dat féiert dozou, dass:

- an enger kuerzer Zäitspan déi selwescht Elteren vill Plainte kënnen deposéieren,
- oft Plainten deposéiert ginn, well deen een Elterendeel d'Kanner ze spéit ofliwwert, oder well d'Urteeler falsch interpretéiert ginn an esou Mëssverständnësser entstinn.

Vu que dass esou Affairen och nach vun aneren Instanzen behandelt ginn, wéi zum Beispill dem Juge aux affaires familiales „JAF“, an den Eltere Méiglechkeeten vun enger alternativer Resolutioun vun hiren Differenzen (Service Treffpunkt oder Médiatioun) zur Verfügung gestallt ginn, ass et an de meeschte Fäll net néideg op eng strofrechtlech Interventioun zeréck ze gräifen. Déi meescht Eltere fannen no enger éischer konfliktueller Phase e *modus vivendi*, deen awer weiderhi vun de Geriichter a vum Parquet suivéiert gëtt.

Falls awer d'kierperlech oder d'geeschteg Gesondheet vum Kand um Spill steet, da geet den Dossier un de Jugendriichter, deen, wann et muss sinn, nach aner Mesuren kann huelen (Suivi éducatif, Plazéierung vum Kand, etc.).

Luxembourg, le 06/09/2024.

La Ministre de la Justice,

(s.) Elisabeth Margue

---

<sup>5</sup> Par date de l'évènement Avertissement.